

# Spezifesch Adaptatiounen un d'sanitært Konzept vum SNJ am Kader vum COVID-19

## Forum Geesseknäppchen

Version : 28/10/2020

### 1. Recommandations sanitaires temporaires :

All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während séngem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

### 2. Port du masque

Bannent dem Forum gëllt eng grondsätzlech Maskepflicht, op déi beim Erakomme mat Affichen higewise gëtt.

D'Maskepflicht ass opgehuewen:

- Sëtzend beim Iessen, maximal 4 Persounen pro Dësch.
- Sëtzend bei Réuniounen oder Formatiounen bis maximal 4 Persounen.
- Bei spezifesch festgeluechten Ausnamen.

### 3. Circulatioun am Forum / Circulation à l'intérieur du bâtiment

Den Hall ass zweegedeelt an e Beräich „Entrée“ an an e Beräich „Sortie“. Dës sinn däitlech sichtbar mat Affichen gezechent an och mat Dësch a Planzen ofgegrenzt. Hannert der Entréedier stinn Spender mat Gel „hydro-acloolique“. Déi gesamt Circulatioun geet just an eng Directioun (entgéint dem Uhrzeigersënn), sou datt Kräizungen evitéiert ginn.

### 4. Affichage:

Affiche fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richteg Hänn wäschen..) sinn um ganze Site ausgehaangen.

### 5. Hänn Wäschen / Desinfizéieren:

Et muss ee sech regelméisseg (beim Betrieden vum Site, virun enger Aktivitéit, virum Iessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizéieren.

### 6. Botzen

All d'Raim ginn all Dag vun enger Botzfirma gebotzt. D'Botzpersonal gouf drop sensibiliséiert fir méi systematesch Klenschen a Surfacen ofzemaachen. D'Sanitären ginn ebenfalls eemol pro Dag gebotzt.

### 7. Formatiounsraum:

Am Forum ginn et zwou Gréisste vu Réuniounssäll déi souwuel vu Mataarbechter vum SNJ wéi och vun Externe gebucht kënnen ginn.

An all Raum ass Gel hydro-alcoolique a Spray fir Géigestänn ze desinfizéieren. D'Leit verpflichten sech alles wat si während hirem Openthalt benotzt hunn ofzemaachen. Als Virsiichtsmossnam sollen d'Saachen och virum Gebrauch ofgemaach ginn.

All Notzer vum Raum muss garantéieren dat déi néideg Distanzen tëscht de Leit agehale ginn. No all Benotzung vum Raum gëtt sechergestellt datt dese fir gelëft gëtt. Déi extern Notzer kréien am Virus per Mail d'Mesuren déi ze respektéiere sinn matgedeelt. Déi maximal Capacitéit vun all Raum ass kloer gekennzeechent.

### **8. Gruppegréisst:**

Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 30 Participante limitéiert.

Fir Konferenzen ergëtt sech déi maximal Gréisst aus der Kapazität vun deene gebuchten Raim.

### **9. Personal SNJ Forum**

D'Personal vum Forum kennt d'Concept sanitaire an ass sensibiliséiert op d'Anhalen opzepasst.

D'Verhaltensregelen an d'Organisatioun vum Personal sinn an enger Note interne festgehalten.

### **10. Tracing:**

Fir den Retracage ze vereinfache muss all Grupp deen un enger Aktivitéit vum SNJ deelhell eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeën vun alle Participanten an Encadranten. Dës Lëscht muss de Responsabele vum Grupp am Sekretariat ofginn.

D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulech fir 15 Deeg gehalten an duerno zerstéiert.

## Annexe 1:

Salle	Gréisst	Maximal Capacitéit
Réunionssall « kleng »	45m <sup>2</sup>	
Réunionssall « grouss »	90m <sup>2</sup>	
Salle polyvalente	800m <sup>2</sup>	
Makerspace		15
Project Squat		15

## Annexe 2 :

### Makerspace

- D'Raimlechkeeten gi reegelméisseg geléift (mindestens awer no all Grupp deen färdeg ass mat sengem Workshop)
- Am Space gëtt eng allgemeng Maskepflicht
- Wa méiglech gëtt Distanzregel vun zwee Meter agehalen.
- D'Visiteuren ginn duerch d'Lounge an de Space erann wou si dann och direkt hir Hänn mat Seef a Waasser kënnen wäschen.
- D'Visiteuren droen sech alleguer an eng Lëscht an.
- Am Space däerf weder gedronk nach giess ginn.
- All gréisser Aarbechtsflächen ginn eemol pro Dag vum Botzpersonal ofgemaach
- D'Material soll vun all Kand no der Benotzung mat Desinfektiounsspray ofgemaach ginn
- Affichen mat de generelle Gestes barrières hänken aus.

### Project Squat

Am Project Squat gëlle folgend Reegelen déi och de Memberen per Mail matgedeelt goufen :

- Baussen un der Entréesdir vum Project Squat hänkt eng Affiche vum Santésministär mat den "gestes barrières"(Fiche-GB-FR).
- Et gëllt eng allgemeng Maskepflicht.
- D'Memberen mussen, soubal si dobanne sinn, hier Hänn desinfizéieren. Duerfir steet e Spender direkt vis-à-vis vun der Entrée.
- Desweideren steet op deenen 3 Reuniondëscher och nach jeweils e Spender.
- Bannen am ProjectSquat hänken nach 2 weider Affichen mat den "gestes barriers".
- D'Notzer droen sech an eng Lëscht an wann si erakommen.
- Déi maximal Capacitéit vum Project Squat läit bei 15, well et nëmme souvill Sätzgeleegenheete ginn. Dës ass och baussen un der Dier affichéiert

### Bee Secure

Dës Mesuren sinn ze applizéieren:

- Den Trainer hält déi generell „Gestes barrières“ an.
- Während de Schulung schafft all Participant just mat sengem Material an et gëtt näischt ënnerteneen getosch.

- Wiederverwendbart Schulungsmaterial (Kärtercher, Fîchen, etc.) gëtt vum Trainer virun der Schulung a Klarsichthülle verpackt.
- No der Schulung ginn dës nees aus de Folien erausgeholl. Sollt direkt im Anschluss eng weider Formatioun sinn ginn aaner Hülle benotzt.